Chorale municipale

SÄNGERFREED BETTEMBOURG

a.s.b.l.

Statuten

Genehmegt vun der ausseruerdentlecher Generalversammlung vum 13.12.1996 dës Statuten setzen all vireg Statuten ausser Kraaft

Bezeechnung

De 17. Januar 1920 gouf de Männergesangveräin Sängerfreed zu Betebuerg gegrënnt. De 24. November 1945 gouf de Veräin als gemëschte Chouer bestëmmt.

Duerch Gemengerotsbeschloss vum 24. AbrëlI 1953 gouf et dun d'Chorale Municipale "Sängerfreed" Bettembourg.

D'Generalversammlung vum 13. Dezember 1996 huet beschloss, dat d'Chorale vum 1. Januar 1997 un de Statut vun enger "Association sans but lucratif" kritt, geméiss dem Gesetz vum 21. Abrëll 1928 mat dem Titel:

Chorale Municipale "Sängerfreed" Bettembourg
Association sans but lucratif

A) Ziel an Zweck vun eiser Gesellschaft

D'Chorale Municipale "Sängerfreed" Bettembourg a.s.b.l. as eng Gesellschaft ouni Gewënnzweck an huet säi Sëtz zu Betebuerg op der Plaaz Nelson Mandela am Centre Sportif et Culturel.

D'Gesellschaft huet als Zweck d'Ausbildung an d'Beliewe vum Gesank durch praktesch Uebung, Opféierung vu Gesank- an Theaterstécker, an d'Festlechkeeten an d'Veranstaltungen mat hirem Gesank ze verschéineren. Si gët hire Mëmberen d'Geleenheet hir kulturell Fräizäitbeschäftegung auszeüben. Si soll och d'geselleg Ennerhalung ënnerstëtzen. Si huet zum Zweck di eenzel Mëmberen unzespornen Solidaritéit, Flichtgefill an Asatz fir eng gemeinsam Aufgab ze leeschten a fir Rou, Besënnlechkeet a Gemittlechkeet an d'Liewe vun de Mënschen ze brëngen. D'Gesellschaft ka sech direkt oder indirekt un all Organisatioune bedeelegen.

D'Dauer vun der Gesellschaft as onbeschränkt.

B) Zesummesetzung vum Veräin

De Veräin besteht aus
a) aktive Memberen
b) Komiteesmemberen
c) inaktive Memberen
d) Eirememberen

a) <u>aktiv Membere</u> sin déijéineg, déi zum Kouer gehéieren. Si huelen un alle virgeschriwene Rechter, Flichten an Verflichtungen deel. Si heeschen am weideren Text Memberen.

b) **dem <u>Komitee</u>** si sämtlech aktiv Membere berechtegt beizetrieden an héichstens 4 inaktiv Memberen.

c) **<u>inaktiv Membere</u>** sin déijéineg, déi duerch e jährleche Bäitrag an duerch hir Rotschléi zum Wuel vun der Gesellschaft beidroën.

d) **<u>Eiremembere</u>** vum Veräin können nëmme Membere vun der Gesellschaft gin, déi duerch laangjähreg Verdëngschter fir d'Gesellschaft eng besonnesch Unerkennung verdëngen.

D'Ernennung zum Eiremember geschitt op Virschlag vum Komitee a bedëngt d'absolut Majoritéit vun der Generalversammlung. Den Eiremember kann och den Titel vu sënger leschter Fonktioun am Veräin droën. Den Eiremember muss nët Member vun der Chorale sin, huet awer Stëmmrecht an der Generalversammlung.

C) Antrëtt an d'Gesellschaft

Fir Member vun der Gesellschaft ze gin, muss eng Demande un de Komitee gestallt gin, deen iwer d'Memberschaft entscheed. All Mëmber muss e festgeluechte Joresbäitrag bezuelen.

Eng Lëscht mat de Nimm, Virnimm, Beruf, Adress a Nationalitéit vun de Memberen a Komiteesmemberen gët um Zivilgeriicht hannerluecht.

Nëtsänger aus dem Komitee an de Fähnrich si Member vun der Chorale.

D) Austrëtt

Den Austrëtt vun engem Member erfollegt, wa méiglech mat Begrënnung, schréftlech oder mëndlech un de Komitee. En neien Antrëtt an de Veräin gët vum Komitee gutgeheescht.

All Mëmber, dee säi Joresbäitrag nët virum Enn vum Joër bezillt, as nët méi Mëmber a gët vun der Membersléscht gestrach.

E) Ausschloss

All Member dee géint d'Interesse vum Veräin handelt an deen duerch säi Verhalen oder séng Tätegkeet d'Gesellschaft schiedegt, kann duerch d'Generalversammlung mat absoluter Stëmmemehrheet ausgeschloss gin.

De Member muss awer virdrun d'Méiglechkeet kréien mam Komitee Aussproch ze halen, an an der Generalversammlung seng Argumenter virzebrengen.

De Komitee huet d'Recht, Membere bis zur nächster Generalversammlung ze suspendéiren, wann hiirt Behuelen nët de Statuten entsprécht. Dës

Membere musse schréftlech virun de Komitee bestallt gin, wou si d'Méiglechkeet kréie, sech ze rechtfertegen.

Austriedend oder ausgeschlosse Memberen souwéi d'Iewen vun engem verstuerwene Member hu keen Usproch op d'Veräinsverméigen oder op Réckbezuele vu geleeschte Cotisatiounen.

Beim Ausschloss oder Austrëtt aus der Gesellschaft, si sämtlech Materialien déi dem Veräin gehéiren a guddem Zoustand bannen 30 Deeg zréckzegin. Material, dat feelt oder gefléckt muss gin, gët op Käschte vum Mëmber ersat oder gefléckt, wann ët dem Member seng Schold as.

F) Kotisatiounen

De jährleche Bäitrag fir déi aktiv- an inaktiv Membere gët all Joër an der Generalversammlung festgeluegt.

G) Leeschtonge vum Veräin

Bei Veräinsveranstaltunge kann de Komitee de Memberen esou wéi hire Familljemembere Reduktiounen zougestoen.

Kadoën oder Gesten déi de Veräin fir seng aktiv oder inaktiv Mëmbere mëcht, gin no dene Kriteren wéi se an enger spezieller Komiteessetzung festgeluegt gin, geleescht.

No all Ennerung gin all dës Kriteren an der nächst folgender Generalversammlung vun der Majoritéit gutgeheescht.

H) Prouwen

D'Prouwe gi geleet vum Dirigent. Si gin zesumme mam Komitee festgeluegt.

Di aktiv Mémberen hun dem Dirigent sëngen Uweisungen ze follechen.

D'Prouwe gi pünktlech un a sin eescht a sachlëch ze befollechen.

I) Verwaltung

Zur Gesellschaft gehéiere folgend Organer:

a) d'Generalversammlung
b) de Komitee
c) di aktiv Sänger (Sängerversammlung)

a) Generalversammlung

All aktive Mëmber as stëmmberechtegt a bild en Deel vun der Generalversammlung.

All stëmmberechtegt Mëmberen vun der Gesellschaft bilden d'Generalversammlung. Inaktiv Mëmberen hun Zoutrëtt zu der Generalversammlung, awer kee Stëmmrecht.

D'Geschäftsjoër fänkt un den 1. Oktober an hält dat folgend Joër den 30. September op.

De Komitee bestëmmt all Joër den Datum vun der Generalversammlung déi am Laaf vum 1. Trimester vum Veräinsjoër awer spéidestens bis den 31. Dezember ofgehale gët.

De Komitee kann zu all Zäit, wann erfuedert eng Generalversammlung oder eng Sängerversammlung aberuffen.

D'Aberuffung fir d'Generalversammlung mat der Dagesuerdnung geschitt op d'manst 10 Deeg virum Termäin.

Eng ausseruerdentlech Generalversammlung kann aberuff gin op Beschloss vum Komitee oder wa mindestens 1/3 vun den aktive Memberen dëst schrëftlech verlaangen. D'Demande fir eng ausseruerdentlech Generalversammlung muss spéidestens 1 Mount virum Datum mat der genauer Begrënnung an enger Daagesuerdnung schrëftlech un de Komitee agereecht gin.

D'Generalversammlung befaasst sech virun all anere Beschloss mat folgende Punkten:

1) Usproch vum Präsident
2) Rapport iwer di lescht Generalversammlung
3) Rapport iwer di vergaange Joresaktivitéit vun der Gesellschaft
4) Finanzbericht iwer dat vergaangent Veräinsjoër
5) Rapport an Entlaaschtung vun de Kasserevisoren
6) Wiel vum Präsident (all 2 Joër)
7) Wiel vum Komitee (deelweis)
8) Wiel vun de Kasserevisoren
9) Festleë vum Joresbäitrag fir aktiv an inaktiv Memberen
10) Virstelle vun der Joresaktivitéit vum nächste Veräinsjoër
11) Medailleniwerreechung (wann erfuedert)
12) Verschiddenes

All weider Propositioun, déi d'Énnerschréft vu mindestens 1/20 vun de Memberen dréit, muss op d'Dagesuerdnung kommen;

All uerdentlech aberuffe Generalversammlung as beschlossfäheg, wa mindestens 1/2 vun de stëmmberechtegte Mëmberen do sin. All Member ka nëmmen een anere Member mat Prokuratioun representéieren. Dës Prokuratioun muss virun der Generalversammlung beim Präsident hannerluecht

gin. Gët dës Zuel nët erreecht, da gët eng zweet Generalversammlung banne 14 Deeg aberuff. Dës Generalversammlung as beschlossfäheg, egal wéivill Memberen do sin. An dësem Fall mussen awer d'Decisiounen dem Zivilgeriicht virgeluecht gin no de Bestëmmunge vum Gesetz, wann et sech ë e Beschloss handelt an dem d'Statute geännert gin.

Stëmmberechtegt sin all Mëmberen, déi mindestens 14 Joër al sin. All Beschlëss an der Generalversammlung musse mat absoluter Stëmmemajoritéit an offener, oder wann ee Mëmber dat verlaangt, a geheimer Ofstëmmung gefaasst gin. Statutenännerungen an Ausschloss aus der Gesellschaft, musse mat enger 2/3 Majontéit beschloss gin. Dës Beschlëss si verbindlech fir all Memberen, och fir déi, déi nët an der Generalversammlung waren.

Bei Stëmmegläichheet as d'Demande verworf.

De Sekretär mëcht e Rapport iwer all Berodungen a Beschlëss vun der Generalversammlung. Verschidde Beschlëss gin dann nom Gesetz vun der A.s.b.l. am Memorial veröffentlecht. Ausserdem gët de Rapport vun der Generalversammlung am Sëtz vun der Gesellschaft fir d'Sänger ausgehaang.

Eng Statutenännerung kann némmen duerch eng ausseruerdentlech Generalversammlung virgeholl gin.

b) de Komitee

D' Verwaltung vum Veräin läit an den Hänn vum Komitee.

De Komitee besteet aus dem Präsident an op d'manst 8 an héchstens 14 Memberen.
De Präsident gët op d'Dauer vun 2 Joër duerch d'Generalversammlung gewielt.

Kandidate fir de Komitee musse groussjähreg sin

D'Komiteesmembere gin an der Generalversammlung gewielt. Kandidature kënne bis zu de Wahlen an der Generalversammlung gestallt gin.

Am Komitee kénnen héchstens 4 inaktiv Membere sin.

D'Dauer vum Komiteesmandat as 2 Joër, je nodem wéi d'Austrëttsserie vum Komitee festgeluegt gët. Austriedend Komiteesmembere kënnen erëmgewielt gin. D'Membere gin duerch geheim Wahle gewielt. Wa Stëmmegläichheet besteet viir dee leschte Posten ze besetzen, as den eelste Kandidat gewielt. Wiele per Akklamatioun as nëmmen zoulässeg, wa keen Asproch vun der Generalversammlung erhuewe gët.

De Komitee bestëmmt an der 1. Sëtzung no der Generalversammlung aus sénger Mëtt en 1. an 2. Vize-Präsident, e Sekretär an e Caissier.

Eng Demissioun aus dem Komitee am Laf vun engem Mandat, soll schréftlech begrënnt gin.

Bei dene Mandater déi duerch e Stierwfall oder eng Demissioun am Laf vum Joër frei gin, huet de Komitee d'Recht déi Mandater nei ze besetzen, déi dann an der nächster Generalversammlung bestätegt gin.

De Komite huet d'Recht Reglementer ze erloossen, déi d'Rechter an d'Flichte vun de Mëmberen an der Gesellschaft festleën. Et as séng Flicht, d'Ausféirung vun de Statuten ze iwerwaachen, d'Beschléss vun der Generalversammlung auszeféiren an d'musikalesch Aktivitéite vun der Gesellschaft op all Manéier ze garantéiren.

De Komitee kann iwer all déi Fäll entscheeden, déi an de Statuten nét virgesi sin.

De Komitee vertrëtt d'Gesellschaft bei all Akten, déi ufalen, a Geschäfter mat Privatpersounen oder öffentlech Verwaltungen an Anstalten.

E perséinlecht Haften fir eventuell Veräinsscholden zu Laaschten vun de Komiteesmemberen besteet nët.

Komiteessëtzunge gi vum Präsident aberuff oder op Ufro vun 1/3 vun de Komiteesmëmbere. De Komitee as beschlossfäheg wann d'absolut Majoritéit present as.

Wann de Komitee am Ufank vun der Sëtzung beschlossfäheg as an dann e puer Membere fortgin, kann d'Dagesuerdnung virugefouert gin, souweit nët méi ewéi 2 Stëmmen zur absoluter Majoritéit feelen.

Gët d'Majoritéit nët erreecht, da gët eng nei Sëtzung banne 14 Deeg aberuff. Dës 2. Sëtzung as beschlossfäheg ouni Rücksicht op d'Zuel vun de Mëmberen, déi präsent sin.

Komiteesbeschléss gi mat absoluter Stëmmemajoritéit vun deenen, déi präsent sin, getraff. Enthalunge gi fir d'Gesamtstëmmenzuel nët berücksichtegt. Bei Stëmmegläichheet a Sachfroën entscheed de Virsëtzenden, a Persounefroën d'Lous.

All Komiteesbeschléss gin an engem Rapport festgehal. E kuerzgefaasste Rapport kréien d'Memberen an der nächster Komiteessëtzung matgedeelt. Op Invitatioun vum Komitee kann den Dirigent oder aner Invitéën als Beroder un de Komiteessëtzungen deelhuelen.

Komiteesmemberen déi ouni tréfftege Grond un 3 Komiteessëtzungen hannereneen nët do waren, kënne suspendéiert gin.

c) Aktiv Memberen (Sängerversammlung)

Aktiv Sänger mat de Komiteesmembere vun der Gesellschaft bilden d'Sängerversammlung.

Den Dirigent kann an der Sängerversammlung, op Invitatioun vum Komitee als Beroder derbäi sin.

D'Sängerversammlung gët vum Präsident aberuff, wann de Komitee ët fir noutwendeg fënd oder wann op d'manst 1/5 vun de Sänger dëst verlaangen.

D'Aberuffung fir d'Sängerversammlung as schréftlech mat enger Dagesuerdnung a muss wéinegstens 10 Deeg am viraus matgedeelt gin.

Propositioune, Wënsch an och Reklamatiounen aus der Sängerversammlung gin an engem Rapport festgehal an dem Komitee virgeluecht. A bestëmmte Fäll muss ofgestëmmt gin, fir d'Meenung vun der Majoritéit vun de Sänger festzehalen. Propositiounen aus der Sängerversammlung mussen am Komitee diskutéiert gin. Déi lescht Decisioun bleiwt beim Komitee.

J) Rechter a Flichte vun de Memberen

All aktive Member as berechtegt, sech beim Komitee ze beschwéiren an Anträg ze stellen.

All Member as verflicht, den Aktivitéite vun der Gesellschaft bäizewunnen, ouni bezuelt ze gin.

Präsident

De Präsident représentéiert d'Gesellschaft. Hien huet de Virsëtz an der Generalversammlung, an de Komiteessëtzungen an an anere Veräinsversammlungen, bei Festlechkeeten oder anere Veranstaltungen. Op säin Uerder gin d'Komiteessëtzungen aberuff. Hien ënnerschreift mat dem Sekretär oder dem Caissier all Veräinsdokumenter.

Vize-Präsidenten

Wann de Präsident nët do as, iwerhëllt den 1. Vize-Präsident séng Rechter a Flichten. Bei Ofwiesenheet vum Präsident an 1. Vize-Präsident trëtt den 2. Vize-Präsident an hir Rechter a Flichten. Bei Ofwiesenheet vum Präsident an de Vizepräsidenten iwerhëllt den Déngschteelsten aus dem Komitee, deen uwiesend as, hir Rechter a Richten.

Sekretär

De Sekretär féiert d'Veräinskorrespondenz. Iwer all Beschléss aus de Veräinsversammlungen huet hie Buch ze féieren. An der Generalversammlung

mëcht hien e Rapport iwer di lescht Generalversammlung an iwer d'Aktivitéite vum Veräin.

D'Sekretariat kann no Bedarf erweidert gin.

Caissier

De Caissier verwalt all Einnahmen an Ausgabe vum Veräin a féiert Buch doriwer, fir se dem Komitee an der Generalversammlung virzeléen. De Caissier as haftbar fir all déi hirn uvertraute Gelder a Beleger.

An der Generalversammlung mëcht hien de Bericht iwer d'Finanzsituatioun vun der Gesellschaft.

No Bedarf kann d'Gérance vun der Keess erweidert gin, z.B. akasséieren vun de Memberskaarten.

Si as selbstverständlech haftbar fir déi hir uvertrauten Aarbechten.

Kasserevisoren

D'Kasserevisore gin all Joër vun der Generalversammlung ernannt. Et sin 3 aktiv oder inaktiv Mëmberen, déi nët am Komitee sin, vun dene mindestens ee Sänger muss sin.

Si kontrolléieren d'Comptabilitéit, d'Keess an déi ofgeschlosse Joresofrechnung.

E schréftlechen oder mëndleche Bericht iwer d'Finanze gët all Joër an der Generalversammlung vun de Kasserevisore gemaach.

De Komitee nominéiert en Inventarverwalter, deen d'Egentum vun der Chorale Municipale "Sängerfreed" Bettembourg A.S.B.L. iwerwaacht, a genee Verzeechnis doriwer féiert.

Dirigent

D'Kandidate fir Dirigent gi vum Komitee erausgesicht an de Sänger proposéiert. Virun de Sänger mëcht de Kandidat eng praktesch Prüfung a gët duerno vum Komitee provisorësch ernannt. An der nächstfolgender Generalversammlung gët den Dirigent mat der absoluter Majoritéit vun de Memberen déi do sin oder representéiert sin, définitiv bestëmmt. Wa keng Majoritéit zu Stane kënnt muss de Komitee d'Plaz nei ausschreiwen. Säin Aarbechtsverhältnis gët duerch e Vertrag geregelt.

Den Dirigent, deen och aktive Member an doduerch stëmmberechtegt as, kann am Komitee bei musikalesche Froë matschaffen, as awer nët berechtegt, séng Kandidatur fir de Komitee ze stellen.

D'Ofberufung vum Dirigent geschitt duerch Komiteesbeschloss no Rëcksprooch mat de Sänger.

Den Dirigent as responsabel fir déi musekalesch Leedung vun der Gesellschaft. De Komitee beschwätzt mat him d'Programmgestaltung an de Joreskalenner fir Concerten a Veranstaltungen.

An der Ausübung vu sénger Fonktioun si séng Uweisungen onbedéngt auszeféieren.

Den Dirigent huet d'Recht, mam Averständnis vum Komitee engem Sänger nozeleën, wann et noutwendeg as, bei engem Concert oder engem öffentlechen Optrëtt nët matzesangen (z.B. bei Mangel u Prouwen).

D'Sänger

D'Sänger si verflicht, bei alle Prouwen an Optrëtter gewëssenhaft, disziplinéiert a pünktlech derbäi ze sin. Wie verhënnert as, soll sech direkt oder iwer en anere Member am viraus beim Dirigent entschëllegen.

Dat Veräinseegentum dat de Memberen uvertraut gët, kann nëmmen am Veräinsinteresse benotzt gin.

Ausnahme fir e frieme Gebrauch musse vum Komitee genehmegt gin. D'Verléine vu Veräinseegentum u Mëmberen oder Drëttpersounen gët mat enger Quittung beluecht. Schied oder Verloschter, déi der Gesellschaft doduerch entstin, sin zu Laaschte vum Schëllegen.

K) Veräinsverméigen

D'Veräinsverméigen besteet aus:
a) der Veräinskeess
b) dem Inventar

a) D'Veräinskeess

D'Veräinskeess gët gespeist duerch Subsidien, Schenkungen, Subventiounen an Netto-Einnahmen vun de Veräinsveranstaltungen. Ausserdem fléissen an d'Keess d'Joresbaiträg vu sämtleche Mëmberen, déi vun der Generalversammlung festgeluecht gin a maximal 1.000.- Frang nët däerfen iwerschreiden. Zousätzlech gët d'Keess gespeist duerch jährlech Beiträg vun inaktive Mëmberen, woubäi de Minimum vum Baitrag vun der Generalversammlung festgeluecht gët.

D'Veräinskeess huet all Ausgaben ze bezuelen, déi zu Laaschte vum Veräin gin a vum Komitee genehmegt sin.

Bei Veräinsausflig oder bei aneren aussergewéinlechen Ausgaben, déi d'Veräinskees iwerlaaschten, kann de Member erugezu gin, fir sech un de Käschten ze bedelegen.

b) Inventar

Sämtlecht Material vum Veräin steet énnert der Kontroll vum Caissier. De Komitee bestëmmt en Inventarverwalter. Bei Bedarf kann dës Missioun erweidert gin. Den Inventarverwalter féiert Buch doriwer. Dëse Bericht as en Deel vun der Comptabilitéit, deen de Kasserevisoren beim Joresofschloss présentéiert gët.

All Mëmber as verflicht, dem Komitee matzedeelen, wa Veräinsegentum verluer gaangen as oder gefléckt muss gin.

L) Statutenännerung

Ännerunge vun de Statuten mussen gemäss dem Gesetz erfollegen.

M) Opléisung vun der Gesellschaft.

D'Opléisung vun der Gesellschaft erfollegt no de Bestëmmunge vum Gesetz vun eiser Association sans but lucratif, wa manner ewéi 10 Mëmberen ageschriwe sin.

Bei Opléisung vun der Gesellschaft as dat ganzt Egentum a Veräinsverméigen der Gemeng vu Betebuerg ze iwerdroën mat der Bestèmmung, dat ët nëmmen un e Gesangveräin ausgehändegt ka gin, dee bannen 5 Joër an der Gemeng Betebuerg nei gegrënd gët. As dat nët de Fall, fällt dat ganzt Veräinsverméigen un den Office Social vun der Gemeng Betebuerg.

All aktive Mëmber kritt en Exemplar vun dëse Statuten, a muss d'Bestëmmungen dovu respektéiren.

Fir alles, wat nët speziell duerch dës Statute geregelt as, gëllt d'Gesetz vum 21. Abrëll 1928, sou wéi ët ëmgeännert gouf.

Betebuerg, den 13. Dezember 1996

De Komitee:

Einsweiler Lucien
Benning Jean
Pütz-Jacobs Hélène
Spiroux-Kettel Jeanny
Biever-Masselter Gibby
Braun René
David Gilbert
Fastro Fernand
Hurt Romain
Kettel Claudine
Klapp-McDonnell Tacky
Kremer Gaby
Meyers Metty
Oth-Peiffer Josée

Lëscht vun de aktive Memberen

Ahles	Arthur	Hurt	Romain
Back-Kelsen	Nancy	Infalt-Wewer	Gaby
Bausch	Jos	Jacobs	René
Benning-Helmus	Christiane	Kaber	René
Benning	Jean	Heintz-Kettel	Claudine
Benning-Barthel	Josette	Kieffer	Marcel
Bergamini	Mésy	Klapp-Mc Donnell	Tacky
Besch-Bechet	Gaby	Kloos-Knebler	Odette
Biever-Masselter	Gibby	Koelich-Knebler	Manette
Bradara	Théo	Koep	Jos
Braun	Menn	Kohn-De Zorzi	Flora
Braun-Kuntz	Hélène	Krause-Stoos	Maggy
Burgund	André	Kremer	Gaby
Burgund-Munhoven	Elise	Kremer-Heiderscheid	Henriette
Cantarutti	Jean	Lippert-Jans	Madeleine
Cloos	Marie-Rose	Marx	Carlo
Colling	Arthur	Masselter-Schmit	Madeleine
David	Gilbert	Medinger	Cisèle
De Bortoli-Toussaint	Vicky	Meyers-Ernster	Maria
Deisges	Pascal	Milmeister-Klein	Anny
Dominici-Vittorelli	Astrid	Milmeister	Jean
Einsweiler	Luden	Mitsch-Kieffer	Renée
Einsweiler-Even	Marthe	Oth-Peiffer	Josée
Einsweiler	Pierre	Pütz-Jacobs	Hélène
Engel-Claude	Maryse	Paquet-Heinz	Monique
Even	Robert	Picco-Kloos	Béatrice
Fastro	Fernand	Poeckes -Origer	Josiane
Fastro-Armillei	Nicole	Rausch-Glod	Germaine
Feltes-Gretsch	Fernande	Reiter-Leonhard	Elisabeth
Fischbach	Sonja	Rinnen	Armand
Frank-Schmit	Jeanny	Rodesch	Alphonse
Geier-Weber	Justine	Schmit-Siebenbour	Emmy
Glod-Hamer	Henriette	Schmoetten	Pol
Graas-Wealer	Manette	Schubert-Overmann	Marie-Josée
Gretsch	Colette	Sliepen-Brachmond	Georgette
Grimaz-Lise	M-Louise	Siiepen	Mathias
Haler	Gaston	Sowa-Bau	Monique
Heisten -Schanen	Marcelle	Spiroux -Kettel	Jeanny
Helmus-David	Léonie	Stein-Ditienne	Marie-Lou
Hemmerling-Michels	Annette	Stoos	Gaby
Hennico-Kaber	Christiane	Tumiotto	Roberto
Hennico	Roger	Wagener-Anzia	Berty
Hippert-De Zorzi	Mariella	Weber	Fernand
Hoffmann	Sylvie	Weber-Hever	Liliane
Hoffmann-Kettel	Virginie	Wenner	Ben
Hubert	Camille	Wenner-Eiffes	Renée

Inhaltsverzeechnis

Bezeechnung		1
A)	Ziel an Zweck vun eiser Gesellschaft	1
B)	Zesummesetzung vum Veräin	1
C)	Antrëtt an d'Gesellschaft	2
D)	Austrëtt	2
E)	Ausschloss	2
F)	Kotisatiounen	3
G)	Leeschtonge vum Veräin	3
H)	Prouwen	3
J)	Verwaltung	3
J)	Rechter a Flichte vun de Memberen	7
K)	Veräinsverméigen	9
L)	Statutenännerung	10
M)	Opléisung vun der Gesellschaft	10
De Komitee		10
Lëscht vun de aktive Memberen		11
Inhaltsverzeechnis		12

Eis Präsidenten

1920-1923	Nic. Putz
1923-1925	Emile Klensch
1925-1926	Evrard Hourscht
1926-1 930	Ferd. Poncin
1930-1934	Jean Ergen
1934-1940	Jean Delfel
1945-1949	Jean Delfel
1950-1959	Henri Wesener
1960-1968	Gustave List
1969-1993	Alfred Siebenbour
1993	Lucien Einsweiler

Eis Dirigenten

1920-1925	Phil. Warnimont
1925-1928	Jean Jominet
1929	Warnimont/Hülsemann
1930-1940	Mich. Hülsemann
1945-1952	Jos Kinzé
1952-1956	H. Pleger / J. Kirpach
1956-1966	Jos Kinzé
1966-1974	Fernand Jung
1974-1993	Jos Kinzé
1993-1995	Aloyse Schaefers
1996	Nancy Back-Kelsen

Vun de Mëtt dréisseger Joeren bis Mëtt sechzeger Joeren war de J.P Weiler Dirigent vun de Kirfechtssän